



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, den Här Ekonomieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Säit 2014 bedeelegt Lëtzebuerg sech un enger Rei vun internationale Sanktioune géint déi Russesch Federatioun. Dës goufen aus ënnerschiddlechen Ursachen a mat ënnerschiddlechen Ziler geholl an hu sech géint ënnerschiddlech Zilgruppe gericht.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, u wéi enge Sanktioune géint déi Russesch Federatioun Lëtzebuerg sech aktuell bedeelegt, zu wéi engem Datum se a Kraaft getruede sinn, ënnert wéi enger verantwortlecher Organisatioun se mat wéi enger Zilsetzung geholl goufen an op wéi enger rechtlecher Grondlag se berouen? Kann d'Regierung dobäi d'Natur vun der Sanktioun (Reesverbuet, Handelsverbuet...), déi jeeweileg Zilgrupp, déi viraussichtlech Dauer souwéi de Revisiounsprozess an d'Modalitéite vun enger méiglecher Decisioun fir dës Sanktioun nees opzehiewen, preziséieren?
- 2) Kann d'Regierung am Sënn vun der Fro virdrun och besonnesch op dës Punkten agoen:
 - Sanktioune géint Privatpersounen (sougenannten "Oligarchen" a Familljemembere vu russesche Politiker mat der Ursach vun hirer Sanktionnéierung)
 - Sanktioune géint Medien
 - Expulsioun vun Diplomaten
 - Ausschloss vu Russland aus internationalen Organisatiounen oder Staategruppen (z.B. Europarot oder G 7)
 - Relatiounen NATO-Russland

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten